ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Den 8. Juni war op RTL ze liesen, datt iwwert d'Joer 2021 gekuckt, 24 Persounen op eise Stroosse leie bliwwe wieren an 260 "schwéier verwonnt" goufen. Den Här Minister gëtt am selwechten Artikel mat der Ausso zitéiert, datt d'Zuel vun de Verkéiersdoudegen domat zanter 2013 ëm 49 Prozent gefall wier. Gläichzäiteg ass dovun auszegoen, datt d'Zuel vun den Immatrikulatiounen opgrond vum demographesche Wuesstem staark zougeholl huet, an datt opgrond vum ekonomesche Wuesstem uewendrop nach eng Rei zousätzlech Gefierer op eise Stroossen dobäi koumen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Minister gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister matdeelen, wéini eng Persoun no engem Accident als "schwéier blesséiert" gëllt a preziséieren, säit wéini déi Definitioun applizéiert gëtt?
2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Autoe wärend de Joren 2000-2020 jeeweils zu Lëtzebuerg immatrikuléiert waren, wéi vill Autoen (approximativ) pro Dag duerchschnëttlech op eise Stroossen ënnerwee waren, wéi vill Leit all Joers op eise Stroosse leie bliwwe sinn a wéi vill der schwéier verwonnt goufen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten